FOTOSCONCOURS
« Als Scout dobaussen an der Natur »

Elo kënnt déi Zäit an där d'Natur nees voll do ass.
D'Blumme fänken u mat bléien, déi éischt Insekte fléien dohier, d'Beem an d'Hecke sinn nees voller Blieder an d'Déiere sinn nees aktiv.

Elo géife mir an eise Versammlungen nees vill dobaussen an der Natur sinn, fir dës besser kennenzeléieren an eis an der Natur zesummen ze ameséieren.

Well awer elo keng Versammlunge sinn, kënne mer leider net zesumme mat iech an der Natur ënnerwee sinn. Mee fir datt mer awer trotzdeem d'Natur net aus den Ae verléieren, hu mir eis eng flott Aktivitéit ausgeduecht.

Firwat schéckt dir eis net e puer flott Fotoen eran op deenen dir eis weist wat dir alles an der Natur u spannende Saachen entdeckt, wat dir mat Saachen aus der Natur gebastelt hutt oder wou der an der Natur zesumme mat der Famill ënnerwee sidd.

Déi flottste Fotoen, déi mer erageschéckt kréien, hänke mer am Home op, esou datt jiddweree se ka bewonneren.

Schéckt eis dofir Är Fotoe bis de 15. Juni op d'Mailadress ba@wormer-scouten.lu

Mir freeën eis elo schonn op är vill a flott Fotoen.
.